


Och dëst Joer sinn mir am Fréijor op Saulxures an d´Vogesen gefuer fir um Lac de la Moselotte mat der Méck ze fëschen, 19 Memberen vum Flyfishing Club hunn dräi flotter Deeg an beschter Komerodschaft erlieft déi Alles ze bidden haten. Net nëmmen dass mir Abrëll s Wieder haten woubäi et zum Gléck meeschtens Owes gereent huet, och d´Fësch waren esou launesch ewéi d´Wieder  mee wann een dat richtegt fonnt hat dann waren se net méi ze halen an ech mengen all Fëscher ass heibäi op seng Käschten komm an mir hunn vill schéin Fësch konnten fänken.



Eis Sortie op Saulxures ass déi éischt Sortie fir dëst Joer gewiecht wou mir dräi Deeg hannert eneen op der Plaz bleiwen, dat ass besonnesch flott ewell een heibäi kann an aller Séilen Rou sengem Hobby no goen ouni sech brauchen schonn Gedanken iwwert den Heemwee ze maachen. Och ass dat d´Geleeënheet fir ee mol den coup du soir ze fëschen oder ganz fréi Moies schonn beim Waasser ze stoen. Freides Moies sinn lues a lues eis Fëscher een nom aneren agetraff woubäi Verschiddener vun eisen Fëscher schonn am Viraus ugereest waren an Dës konnten eis nëmmen Guddes berichten, natierlech hunn mir Hinnen net Alles gegleeft ewell och eis Fëscher hei an do ee ganz ee bëssen iwwerdreiwen, mee gutt fir d´Motivatioun war et allemol ze héieren ewéivill an ewéi schéin Forellen Sie schonn gefaangen haten. Och konnt een sech heibäi schonn mol deen

een oder aneren gudden Rot ofhuelen wat d´Mécken ubelaangt mat deenen Sie schonn gefaangen haten. Esou ass et komm dass ech vum Kolleeg Patrick den Rot kritt hat, wann Wand ass muss De hei ëmmer mat enger schwaarzer Réihoer Sedge fëschen, an wat soll ech soen säin gutt gemengten Rot huet mir vill schéin Fësch bruecht esou dass ech Him nëmmen heifir Merci soen kann. Dat ass eng vun den flotten Säiten vun eisem Club, bei eis kritt Jiddereen gären gehollef. Och hunn eis Fëscher schonn de Wanter iwwer Mécken gebonnen déi Sie elo natierlech um Lac de la Moselotte wollten ausprobéieren zemools wou een jo um Séi déi beschten Zäit dofir huet.













Natierlech hunn d´Vogesen och wat Natur ubelaangt esou muneches ze bidden zemools wou et op den éischten Mee zougeet wou Dës eou lues aus dem Wanterschloof erwäscht. Et ass ëmmer erëm op een Neist een Erliefness op dësem schéinen Séi ze fëschen an wann dann och nach d´Fësch mat spillen dann konnt jo Näischt schief goen mee ech mengen eis Fëscher haten sech dat awer och verdéngt wann ee bedenkt dass mir dat lescht Joer an deier Hinsicht vill ze kuerz komm waren.






Saulxures ass awer och den Barbecue Samschdes Owes an Sonndes Mëttes, heifir bréngt eisen President extra ëmmer säin Zelt mat ewell meeschtens am Fréijor nach keen Wieder ass fir dobaussen ze grillen mee esou kënnen mir dann trotzdeem dës Traditioun schonn esou fréi am Joer genéissen. Natierlech sinn mir net nëmmen passionéiert Fëscher, bei ons geet och keen hongreg oder duuschtreg vum Dësch an och dës Kéier huet keen sech laang fléiwen gelooss an eis zwee Grillmeeschter, den Fränz an den Gérard haten all Hänn voll ze dinn fir deen ganzen Trupp sat ze kréien mee och dat hunn Sie mat Bravour gemeeschtert. Natierlech war eisen

President der Meenung et wär net genuch giess ginn mee ech kann Iech versécheren dass Jiddereen säin Bescht ginn huet an Duuscht huet och keen gelidden.















Natierlech ass eisen Barbecue och ëmmer déi Geleeënheet fir ee bëssen Fëscherlatäin ze verbreeden an dovunner hunn mir och räichlech gebrauch gemaach. Et ass dann och ewéi ëmmer Owes ee bëssen méi spéit ginn mee duerfir ginn mir jo awer och dräi Deeg dohinner fir eben kënnen och mol ee bëssen méi laang vum Owend ze profitéieren ewell Sonndes Mëttes ass dat

schonn net méi méiglech ewell dann d´Fëscher sech jo och nach mussen erëm op den Wee maachen fir Heem ze fueren.











Mir haten erëm eng wonnerschéin Sortie an elo steet den Domaine de Coyolles um Programm wou eis och erëm dräi flott Deeg befier stinn.









